Regelen zum Park-System fir de Randschelter Adventsmaart 2018

Léif Aussteller,

opgrond vun der héiger Unzuel u Stänn zu Randschelt 2018 sinn d'Parkméiglechkeeten extrem begrenzt. Aus deem Grond giffe mir all Aussteller bieden, sëch wierklech un d'Regelen ze halen, fir dass et härno kee Parkplaz-Chaos gëtt.

- D'Aussteller si gebieden, hiren Auto nom Opriichten **lénks laanscht d'Strooss** ze parken. Eng Parksträif markéiert, wou däerf geparkt ginn. (c.f. Plang)

  WICHTEG: Den Auto muss biergof gedréint sinn, well dëss Strooss deen Owend eng Einbahn ass, a permanent Navette wäerten do eroffueren.

- Eng zweet Parkméiglechkeet besteet um Summerwee laanscht d'Strooss Brattert-Randschelt, allerdéngs just op deene markéierte Plazen op der lénker Säit, vu Brattert kommend (c.f.Plang). Am Agank vu Randschelt däerf nët geparkt ginn, well soss d'Zoufahrt fir d'Pompjeeën an engem Noutfall blockéiert gëtt.

- All Aussteller kritt kuerz virum Adventsmaart e Voucher geschéckt, fir kënne mam Auto erof an Randschelt ze fueren, fir opzeriichten. **Aus Plazgrënn kritt all Stand just 1 Voucher, dh. och nom Opriichten 1 Parkplaz pro Stand**. Mir kënnen aus logistesche Grënn och keng Ausnahme maachen.

  Et besteet och d'Méiglechkeet, den Auto duerno op engem vun deenen 3 Park&Ride-Parkingen ofzestellen. All puer Minutte fiert eng Navette op Randschelt.

- Um Wee Randschelt-Grevels (Streck vun der Navette) herrscht deen Owend **absolutt Parkverbued**.

Merci fir Ärt versteestemëch

D'Equipe vun der Wahler Aktiounsschmëtt


Absolutt Parkverbued am
Agank vu Randschelt (Zoufahrt
fir Pompjeeën an Ambulanz)
RANDSCHELTER
ADVENTSMAART 2018
Parkinge fir Exposants
ADVENTSMAART
Arrêt Navette
Navette
Exposants
(laanscht d'Strooss)
WICHTEG: Den Auto w.e.g. biergof
gedréint parken!
(Strooss = Sens unique)
Navette
← Koetschette
Martelange
Kontrollpunkt
CR 308
Ettelbruck
Luxembourg
Grevels →